PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
09 SEP. 2019
1181

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/09/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kommunikatioun a Medien weiderzeleeden.**

Enn August huet RTL Group als éischt ee Rekordakommes fir d'éischt Hallefjoer 2019 annoncéiert a vun enger Steigerung vun hirem Benefice ëm 2,5 bis 5 Prozent par rapport zum Virjoer geschwat.

Gläichzäiteg gouf awer de Management mandatéiert fir iwwert eng Reduktioun vum Effektif zu Lëtzebuerg nozedenken, a Posten vum « Corporate Center » ze delokaliséieren. Am Ganze gouf vun 1/3 oder ronn 65 Persoune geschwat.

D'CLT-UFA SA, ënnert anerem Exploitant vun RTL zu Lëtzebuerg, ass eng Duechtergesellschaft vun der RTL Group.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Minister Kenntnisser vun de Grënn fir d'Käschtereduktioun bei der RTL Group, dësst trotz enger Progressioun vun de Beneficer?
2. Wéi schätzt de Minister de Risiko an, datt de Lien tëscht dem RTL Group a Lëtzebuerg lues a lues kéint verluer goen, dësst duerch d'Reduktioun an d'Delokaliséierung vun Aarbechtsplazen am « Corporate Center » um Kierchbierg? Wéi héich schätzt de Minister an deem Kontext d'Probabilitéit an, datt dës Käschtrereduzéierung als Ufank vun enger strategescher Reorientéierung vu Lëtzebuerg fort ze verstoe wier?
3. Ginn et Indicen dofir, datt d'CLT-UFA SA, als Duechtergesellschaft vun der RTL Group, kéint vun weidere Käschtereduktiounen impaktéiert ginn?
4. Wéi gesäit de Minister d'Zukunft vun den eenzelne lëtzebuergesche Medien vum RTL Group en vue vun dëser Annonce vum Grupp?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Maria Mathieu
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.221
Fax : 466.966.210
e-mail : mmathieu@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 10 septembre 2019

Objet : Question parlementaire n° 1181 du 09.09.2019 de Monsieur le Député Sven Clement - Restructuration de RTL Group

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés